N°1779
Entrée le 15.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.01.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.**

Den Artikel 18 vum Jugendschutzgesetz gesäit vir, dass de Mannerjäregen, seng Elteren oder d'Persounen, déi d'Garde hunn, een Affekot fir d'Kand kënne bestëmmen oder beim Jugendriichter ufroen, dass een zur Verfügung gestallt gëtt. An hirer Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°1589 huet d'Justizministesch Präzisiounen zu dësem Recht gemaach.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. D'Ministesch erkläert, dass déi concernéiert Persounen reegelméisseg iwwert hiert Recht higewise ginn oder beim Greffier um Geriicht dës Informaitoun nofroen kënnen. Reegelméisseg ass net gleichzesetzen mat automatesch oder ëmmer.
    - Kann d'Ministesch garantéieren, dass déi betraffe Persounen ëmmer vun de Justizautoritéiten iwwert hiert Recht opgeklärt ginn?
    - Wéi eng Prozeduren an Dokumenter existéieren, déi sécherstellen, dass déi betraffe Parteien um Ufank vun der Prozedur iwwert hir Rechter opgeklärt ginn (z.B. duerch d'Ausdeele vun enger Brochure)?

2. "*A konfliktuelle Fäll nennt de Jugendriichter oft vu sech aus een Affekot bevir d'Affär iwwerhaapt an d'Sëtzung kënnt an och ouni dass d'Parteien eng däraarteg Ufro un d'Jugendgeriicht gestallt hunn.*"
Dës Praxis ass esou net am Artikel 18 virgesinn. Den Artikel 18 schreift vir, dass d'Demande (also d'Initiativ), fir een Affekot ze bestëmmen, vun de betraffene Parteien ausgeet. Den Artikel gesäit am Text keen Initiativrecht fir de Jugendriichter vir, fir vu sech aus, ouni d'Demande vun de Parteien, een Affekot ze wiehlen.
    - Wéi eng aner gesetzlech oder jurisprudenzial Dispositiounen existéieren, déi deem Jugendriichter dëst Recht zougestinn a wéi wierken dës op d'Recht vum Artikel 18?
    - Muss den Artikel 18 ofgeännert ginn, fir déi gängeg Praxis, wéi d'Ministesch se beschreift, ze legaliséieren?

3. *Am Fall, wou de Jugendriichter een Affekot fir ee Mannerjärege genannt huet, kann de Remplacement vum Affekot gefrot ginn. Fir dass de Jugendriichter dësem Remplacement*

*zoustëmmt, muss awer e Grond do si firwat de genannten Affekot remplacéiert soll ginn.*

- Wéi ass dës Praxis, déi d'Justizministesch beschreift, konform mam Artikel 18?
- Hunn d'Parteien an dësem Fall also net d'Recht vu sech selwer den Affekot wiesselen? Falls jo, beschränkt dës Praxis d'Recht vum Artikel 18?
- Wat sinn d'Krittären vun engem "Grond" fir den Affekot z'ersetzen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten